



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/04/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesesch fir Umwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Eent vun den Haaptthemen an der Ëmweltpolitik betrifft déi zukünfteg Handhabung vum Plastik ass. Ee Groussdeel vun der Gesellschaft huet mëttlerweil begraff, dass de Plastik net als nohalteg Ressource daagt an dass d'Politik, fir d'Ëmwelt ze schützen, d'Produktioun, d'Verwennung an d'Entsuergung vu Plastik besser reguléiere muss. Den Ëmweltministère huet dofir am Abrëll eng Sensibiliséierungscampagne zum Thema Plastikoffall erstellt, fir op d'Konsequenze vum Plastikoffall vum Ewechgeheie vum Plastik opmierksam ze maachen. Den Zäitpunkt vun dëser Campagne ass zoufällegerweis kuerz virum Ufank vun der Campagne zu den Europawahlen 2019 a gëtt vun der Partei vun der Madamm Ministesesch aktiv promovéiert. Et wär, nieft der Sensibiliséierungscampagne, awer interessant ze wëssen, wat fir eng Mesuren zum Thema Plastik d'Madamm Ministesesch no 6 Joer am Amt effektiv ëmgesat huet.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesesch dës Froe stellen:

- 1. Madamm Ministesesch, opgeschlüsselt op d'Joren 2013 bis 2019, wéi vill Tonne Plastikoffall (Bioplastik ausgeholl) sinn insgesamt zu Lëtzebuerg entstanden? Ass de Konsum vum Plastik erop gaangen oder huet en sech reduzéiert? Falls d'Madamm Ministesesch dës Zuelen net huet, wär et net opportun dës Donnéeën ze sammeln?
- 2. An enger Synopsis an opgeléicht säit 2013, wéi eng konkret Mesuren huet d'Regierung ënnerholl fir de Konsum vu Plastik ze reduzéieren? Ass d'Madamm Ministesesch der Meenung, dass dës Mesuren effektiv waren? Falls jo, besëtzt d'Madamm Ministesesch Zuele fir d'Effektivitéit kennen ze beleeeën?
- 3. Ass d'Wahl vum Zäitpunkt a vun der Thematik vun dëser Sensibiliséierungscampagne op ee wahlkampfaktescht Manöver téscht der Ëmweltministesch an hirer Partei zeréckzeféieren?
- 4. Gesäit d'Madamm Ministesesch et deemno als Zoufall, dass d'Sensibiliséierungscampagne, déi vum Ëmweltministère bezuelt gouf, kuerz virum Ufank vun der Europawahlcampagne 2019 vun hirer eegener Partei am Kader vun engem wichtege Wahlkampfthema benotzt gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu